Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 03/11/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.

Säit der Rentrée 2018/2019 kënne Schüler*innen an de Lycéeë gratis hir Schoulbicher kréien. D'Schüler kënnen entweder nei Bicher kréien oder Gebrauchtener huelen an da fir 50% vu Wäert vum Buch ee Bong kréien.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune hunn bis elo vun der Offer u Second-hand Bicher gebrauch gemaach an dofir en Akafsbong kritt?
2. Wéi vill huet de Staat fir d'Rentréeën 2021 an 2022 un d'Librairië bezuelt fir déi verschidde Schoulbicher (opgelëscht no Librairie)?
3. Wéi vill Bicher goufe fir d'Rentréeën 2021 an 2022 bestallt, dann awer net ofgeholl?
4. Verschidde Bicher kann een sech gebraucht als Schüler bestellen. Wéi vill Prozent vun de Bicher ginn als gebrauchte Bicher dat Joer duerno weider verdeelt?
5. Kritt de Lëtzebuerger Staat Remisen vun de Librairien wéinst den groussen Quantiéiten u Bicher? Wa jo, wéi vill?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven GOERGEN Marc
Deputéierten Deputéierten